piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.

Am Kader vun de staatleche Programmer fir den Erwerb a d'Subventionéierung vu Wunnenge gëtt et laut Berichter e bedeitenden Ënnerscheed tëscht den tatsächleche Baukäschten, déi vun den Acteure vum Secteur ugi ginn, an de Montanten, déi an den ëffentlechen Acquisitiounsprogrammer festgehal ginn. Dës Divergenz geheit Froen op iwwer d'Effizienz vun de staatlechen Ausgaben am Beräich vum Wunnengsbau.

Besonnesch besonnesch problematesch ass, datt de Staat méiglecherweis Suen ausgëtt fir Wunnengen, déi entweder nach net gebaut sinn oder deenen hir Käschten net mat den tatsächleche Marchéspräisser iwwereneestëmmen. Dëst kéint zu enger ineffizienter Notzung vun ëffentleche Mëttele féieren an d'Ziler vun der nationaler Wunnengspolitik ënnergruewen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi erkläert de Minister den "bedeitenden Ënnerscheed" tëscht de Baukäschten, déi vun de Professionellen aus dem Secteur ugi ginn, an de Montanten, déi an de staatlechen Acquisitiounsprogrammer festgehal ginn?

2. Wéi eng Kontrollmechanisme sinn aktuell a Kraaft, fir sécherzestellen, datt déi ëffentlech Mëttelen, déi fir den Erwerb vu Wunnengen agesat ginn, dem reelle Maartpräis entspriechen?

3. Wéi vill Wunnengen, fir déi de Staat scho Suen ausginn huet oder sech verflicht huet, sinn nach net gebaut ginn, a wat ass den totale Betrag vun dëse Verflichtungen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Gedenkt de Minister d'Bewäertungsmethod fir ëffentlech Acquisitiounsprogrammer ze iwwerschaffen, fir méi grouss Transparenz an Effizienz bei de staatlechen Ausgaben am Wunnengsbau ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés